

deBuet

vun der Duelemer Musek

Är Invitatioun

Kréscht-Gala

e Samschdeg, den

10. Dezember 2016

BELLA NAPOLI
RESTAURANT PIZZERIA
DEPUIS 1976

4, rue de Strasbourg
L-2560 LUXEMBOURG
T 49 33 67
info@bellanapoli.lu
www.bellanapoli.lu

TESTEZ LES NOUVELLES 308 ET 308 SW,
ÉLUES VOITURES DE L'ANNÉE.

NOUVELLE PEUGEOT 308 SW

MOTION & EMOTION

3,2 - 5,6 L/100 KM CO₂ 85 - 129 G/KM

Nouveau Garage Gaston Weber
124, route du Vin
L-5440 Remerschen
Tél. : +352 23 60 50-1
Fax : +352 23 66 47 13
weber.remerschen@peugeot.lu

PEUGEOT
www.peugeot-weber.lu

A Schmatten
Restaurant

proprietor Frank

jeu de quilles
closed Monday and Tuesday,
except holidays

1, Saangewee | L-5698 Welfrange
Tel.: 23 66 82 61 | Fax: 23 66 15 34
www.aschmatten.lu

STOLL
TRUCKS

2, rue de la Poudrerie L-3364 Leudelange
Tél. : (+352) 26 9 26 414
Email : trucks@stoll.lu
Web : www.trucks.lu

Location, vente et réparation
Véhicules utilitaires et industriels
Concessionnaire Renault-Trucks
Key Dealer Fiat Professional

Stoll Trucks also offers:
technical controls (all vehicles)
control of your tachographs

Virops e Wuert...

D'Feierlechkeeten um Enn vum Joér kennegen sech un – hell Beliichtung an den Akaafsstroessen, Chrëschtdagsdekoratioun an „besënnlech“ Musik an deene groussen Akaafszentren.

An dës Zäit fällt och eisen traditionellen Krëscht-Gala an mat dësem Buet wölle mir dovun profitéieren fir lech op dëse Concert ze invitáieren. Mir halen fest un der Traditioun an präsentéieren lech Musek, original fir Bloosorchester geschriwwen. Mir gin lech Rendez-vous e Samschdeg, den 10. Dezember um 20.00 Auer am Centre Culturel zu Duelem. De Jugendgrupp an déi „grouss“ Musek verspriechen lech en agreeablem Owend bei flotter Musek.

De „Buet“, deen Dir hei an den Hänn halt, bidd eis natürlech déi néideg Plateforme fir Reklamm ze machen fir eise Concert wéi och soss Interessantes iwwert d'Musek ze vermettelen. Sou fand Dir an dëser Nummer e klengen Artikel vum Jugendgrupp vun der Fanfare, e Foto-Retro vum Joér 2016, d'Fortsetzung vun der iwwert honnert Joér undauernder Geschicht vun der Duelemer Musek. Och gi mir nüt méid en Opruff ze machen u fréier Musikanten, nei Matbierger a musekbegeeschtert Frënn fir sech an der Fanfare Gemeng Duelem ze engagéieren, sieff daat als Musikant oder Member am Comité. Avis aux amateurs!

Et bleibt mir als Präsident vun der Duelemer Musek zum Schluss vum Joér virbehaalen, all eisen Akteuren – Musikanten, Member vum Comité, héllesbereet Frënn - e grosse Merci auszespriechen fir déi phantastesch Aarbecht, déi gemaat gin ass am Laaf vum Joér. lech all dobaussen – d'Awunner vun der Gemeng Duelem, der Gemengeverwaltung mam ganze Personal, d'Annonceuren vum Buet a Sponsoren vun eiser Fête de la Musique – villmols Merci fir déi finanziell a moralesch Ënnerstetzung, déi Dir eis entgéintbrengt.

Am Numm vun all de Memberen vun der Fanfare Gemeng Duelem, wünschen ech lech elo schons e besënnlechen Chrëschtdag, doheem am Waarmen, zesummen mat lériwe Leit. E gudde Rutsch zum Enn vum Joér. Gléck, Zefriddeneet an déi beschten Gesondheet sollen lech begleeden am Neie Joér.

Robert Vandivinit
Präsident vun der Fanfare Gemeng Duelem





Jeannot & Roland
Promoteur

**PLAFONNAGE
FAÇADES
CHAPES**

8, Saangewee TEI.:23 66 85 86
L-5698 Welfrange Fax: 23 67 69 19

restaurant

an der tourelle



12, route du Vin
L-5450 Stadbredimus
Tél +352 23 69 85 11
Fermé mardi et mercredi

**COIFFURE
VANDIVINIT**

Dames - Hommes

28, rue de la Gare
L-5540 REMICH

Tél.: 26 66 04 72

Mardi - Mercredi:
08.00 - 18.00 Hrs

Jeudi - Samedi:
uniquement sur rendez-vous

ËMMER DEE RICHTEGEN TOUN!



IMPRIMERIE schlimé

S'ENGAGER SUR LA QUALITÉ ET LA RAPIDITÉ DE VOS IMPRIMÉS

www.schlime.lu

De Jugendorchester...

Elo ass et schons erëm ee Joér hir, dass fir d'lescht am Buet iwwer de Jugendorchester riets gaangen ass. An deem Joér hun d'Musikantinnen a Musikanten vum Jugendorchester ganz vill Prouwe gehat, e puer Concerten gespillt a nei Erfahrungen gesammelt.

Déi nei Saison huet ugefaange mam Ziel en Optrëtt anzeprouwen zesumme mat der Jugend vun der Greiweldenger Musek wei och der Trëntenger Musek en vue vun der Diplomiwwerreechung vun de Museksschoulen aus de Gemenge Bous, Duelem, Stadbriedemes a Waldbriedemes.

Vill Prouwe goufen ofwiesselnd bei den dräi Museken ofgehalen an déi dräi Dirigente koume muenchmol an d'Schweessen. Mee déi haart Aarbecht hat sech gelount. De Concert war ee grousse Succès. Och d'Stéck Disney's Magical Marches, waat d'Solfègekanner aus de véier Museksschoule mat hirem Gesang begleet hunn, ass bei de Leit ganz gutt ukomm. Affaire à suivre!

Mee ouni déi engagéiert Kanner vum Jugendorchester wier dat net méiglech. Frësch Verstärkung krut de Jugendorchester vum Jaco dee mat voller Begeeschterung d'Perkussioun an Ustuerm geholl huet. E grousse Merci geet awer och un all déi jonk Musikantinnen a Musikanten, déi de Jugendorchester verlooss hunn.

Zu gudden Lescht invitíere mir iech alleguerten op de Krëscht-Gala wou der lech vun der Leeschtung vum Jugendorchester iwwerzeege kënnt. Bis den 10. Dezember.

Boris Vandivinit





OPTIQUE
FRIEDEN & QUINTUS

17, RUE PRINCIPALE
SANDWEILER - Tél. 26 350 430
www.opti.lu

VOTRE AGENCE



MONDORF

Chef d'agence : Nicole PIER
62, av F. Clement L-5612 Mondorf-les-Bains
Tél : (+352) 4015-7820
Fax : (+352) 23 66 15 21
E-mail : age.mon@bcee.lu
Heures d'ouverture : lundi au vendredi
8h30 -12h00 13h30 -17h15



SPUERKEESS

Aert Liewen. Ar Bank.

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, 1, Place de Metz,
L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775 www.bcee.lu tél. (+352) 4015-1

Boissons de Contern

Livraison à domicile
Location de matériel pour fêtes
www.boissonsdecontern.lu +352 691 148 598
info@boissonsdecontern.lu

Jeanette Lobner
floristikatelier

11, Kirchestrooss
L-5741 Filsdorf
Tel.: 23 66 73 63
E-mail: lobner@pt.lu

Mir sinn op
Mé.-Fr.: 9.00-12.00
14.00-18.00
Sa.: 9.00-12.00
14.00-17.00

Thélenhaff die besondere Adresse für Betriebsfeiern, Konferenzen, Meetings bei kompletter Organisation in privatem und natürlichem Ambiente

La Fermette - Thélenhaff
Welfrange (Mondorf)

Tél. 23 66 82 67 - Fax: 23 67 60 50

vous propose l'organisation complète de vos festivités d'entreprise ou privées «à la carte» dans un cadre privé et exclusif.

Salles pour groupes de 16 à 50 personnes.

Conférences - Banquets - Fêtes du personnel
Anniversaires - Fêtes de Noces - Soirées

T · o · i · t · u · r · e
Schengen-Koch s.à r.l.

CHARPENTE

Z.A. Jongebesch
13, op der Kopp
L-5544 REMICH

COUVERTURE

VENTE DE MATERIAUX

Adresse postale:
Boîte postale 63
L-5501 REMICH

FERBLANTERIE

Tél.: 23 66 79-1
Fax: 23 66 79-30
email: info@tsk.sarl.lu

café
DUELEMER
STUFE


Propr. Christiane Hoss

1, Waldbriedemesstrooss
L-5680 Dalheim
Tél. 26 67 27 14

fermé le mardi • jeu de quilles • petite restauration

carte blanche

c



□ Construction métallique : inox / fer

□ Menuiserie intérieure

□ Store

□ Portes et fenêtres

5, Kaabesbierg
L-5741 Filsdorf

Tél. (+352) 26 67 21 41
Fax (+352) 26 67 21 42

www.carteblanche.lu
cblanche@pt.lu



Music & Tools

luxembourg

vente - location - réparation
instruments de musique

www.musicandtools.lu

MUSIC & TOOLS

www.musicandtools.lu



2 rue Michel Weiler L-2730 Luxembourg
info@musicandtools.lu
Tél/fax : 26 52 38 87

Loscht u Musek?

D'Fanfare Gemeng Duelem as 1901 gegrënnt gin.

Mir zielen de Moment 26 aktiv Musikanten, déi hirer Passioun mat Begeeschterung nögin.

Dozou zielen folgend Instrumenter:

Flütt – Klarinett – Saxophone – Bügel – Trompett – Cor – Trombone – Euphonium – Bass an Perkussioun.

Mir brauchen:

Nach weider symphatesch Musikanten, déi d'Freed um Musizéieren mat eis deelen.


Mir wëllen eisen Kontingent nach weider ausbauen – déi bestehend Intsrumenter opstocken a natiirlech aaner Blosinstrumenter intégréieren.

Erfahren Musikanten oder Débutant – Leit déi en Instrument spiller a nüt am Grupp aktiv sin – begeeschtert Musekfrénn, déi en Instrument léiere wëllen

➤ mir sin interesséiert un iech all – een atout as „Loscht u Musek“.

Mir bidden:

- en dynamicsche Veräin mat voll motivéiert Memberen
- e flotte, grousse Museksall, wou mir eis wéngstens 1-mol d'Woch treffen fir ze musizéieren
- en ofwiesslungsräiche Répertoire, dee keng Richtung ausléisst
- e motivéierte Chef, mat deem intensiiv geschafft gët
- flott Concerten heiheem, dobaussen am Land an och mol am Ausland
- eng kollegial Ambiance



Fir weider Renseignementer:

Präsident: Robert Vandivinit

Tél. 621797991 / rvandi@pt.lu

Jugendgrupp: Boris Vandivinit

Tél. 621785698 / boris.vandivinit@pt.lu



Damen-Mode
Herren-Mode
Uniformen und Dienstbekleidung
mail@mode-von-fischer.de
www.mode-von-fischer.de



CLEMENT
Äre Metzler vun der Musel

BOUCHERIE | CHARCUTERIE | PARTY-SERVICE

MIR LIWWEREN OCH HEEM!

REMICH | 4, PLACE DU MARCHÉ | TEL. 23 66 90 56
MONDORF | 2, RUE ST-MICHEL | TEL. 23 66 80 35
SCHUTTRANGE | 2, RUE DU VERGER | TEL. 26 70 14 57

Krëscht-Sala

e Samschdeg, den
10. Dezember 2016

um 20.00 Auer zu **Duelem**
am **Centre Culturel**

Musikalesch Leedung:
Musek: **Jonathan DÉVIÈRE**
Jugendorchester: **Ben SEIL**

Fräien Entrée

Quête zu Gonschten vun SOS Kannerduerf

lettages

& peintures publicitaires

langehegermann

*sur camions, bus, semi-remorques,
camionnettes, voitures, panneaux,
vitres, façades, calicots . . .*

peinture film adhésif impression digitale sérigraphie

ZARE EST 11 EHLERANGE Tél. 55 18 91



WACHT
BIJOUTERIE

9, RUE DE MACHER · REMICH · TEL 26 66 06 04



**VOYAGES
VANDIVINIT**

Reisen mat Stil

Tél.: (+352) 23 66 83 41 - 1

contact@vandivinit.lu

w w w . v a n d i v i n i t . l u

Programm

1. Deel

Musek

- **Carmina Burana - O Fortuna**

Carl Orff - arr. Moerenhout

- **The Legend of Maracaibo**

José Alberto Pina

- **Csardas**

V. Monti - arr. A. Crepin

Solist: Luigi Barboni

- **Game of Thrones**

Ramin Djawadi - arr. Bruce Faser

- **Spring Impressions**

Charles Michiels

- **Dos Danzas Latinas**


André Waignein

- **Last Christmas**

George Michael - arr. Donald Furlano

- **Jingle Bells**

arr. Giancarlo Gazzani



2. Deel

Jugendorchester

- **Andrew Lloyd Webber in Concert**

arr. M. Sweeney

- **Great Movie Adventures**

John Williams - arr. Michael Sweeney

- **Disney's Magical Marches**

arr. Eric Osterling

Jugendorchester + Musek

- **Simply Christmas**

arr. Jan van Kraeydonck

Café-Restaurant KOHN



Spécialités luxembourgeoises et françaises

Organisation de Banquets jusqu'à 100 personnes

Menus et Manger uniquement sur réservation - sauf plats campagnards

Fermé lundi ou jeudi sauf pour banquets

12, rue Victor Hugo
L-5671 ALTWIES

Tél. 23 66 81 03
Fax 23 66 11 49

Jardinage Bonert

décorations - aménagement de jardins

Gsm: +352 691 23 23 30

Gsm: +352 621 23 23 30

Tél./Fax: +352 26 68 39 75

Restaurant La Rameaudière

"OP DE JHANGLISGARE"

Daniel Rameau

fermé le lundi et mardi

L-5690 ELLANGE-Gare
10, rue de la Gare
(Mondorf) (G.-D. de Luxbg)

Tél. +352 23 66 10 63
Fax +352 23 66 10 64
contact@larameaudiere.lu



V.R. S.A.



Façades et Plafonnages

E-mail: vrfacades@gmail.com

CONSTRUCTIONS GÉNÉRAL

Carlos Vila Real

(+352) 621 367 157

17C, rue Jos Kayser

L-5675 Burmerange

Tél. (+352) 26 67 03 51

Fax (+352) 27 68 70 40 www.vrfacades.lu



Installations électriques • Cuisines équipées • Electroménager • Service après-vente

13, rte de Luxembourg • Remich • ☎ 26 70 80 • info@ebauer.lu • electricitebauer.lu

PIZZERIA - RESTAURANT "Scaramouche"

7, route de Remich - L-5423 Ersange
Luxembourg
Tél. 35 66 75



LETTRAGES VÉHICULES • IMPRESSIONS DIGITALES
PANNEAUX • CALICOTS • RELIEFS • DECORATIONS



• Lëtzebuerger Hunneg
• Hunnegdrëpp
• Hunnegwäin
• Käerzen
• Fir Kanddaf a Kommoun
Fränz Kutten
21, rue d'Assel
L-5443 Rolleng (Bous)
Tel. 23 699 510
GSM 621 75 13 57

www.beiemann.lu

D'Geschicht vun der Duelemer Musek ...

DEN ZWEETEN AN DRËTTEN ULAAF

Komme mir elo an d'Zäit nom éischte Weltkrich. Am Joer 1919 sin zwee Volontären vun Duelem aus dem Krich erëm heem komm a bei der Eierung vun dénen zwee as gesoot gin: „Kuck, wa mir elo eng Musek hätten, da kënnte mir dénen zwee en Tusch bloosen“. Domat huet de Veräin sän zweeten Départ geholl.

Déi zwee folgend Jorzéngten mussen flott gewiecht sin. Ët as gefeiert gin, Summerfester sin ofgehalen gin, Theater as gespillt gin a natirlech och vill musizéiert. An déi Zäit as och e wichtegt a schéint Fest vun der Musek gefall – den 25ten Anniversaire vun der „Harmonie Dalheim“.

D'Akkтивitéiten hun hiirt Enn fond mam 2. Weltkrich. No de Krichsjoëren fehlt ét un Instrumenter, Uniformen, Partituren an de Fändel, en Zeechen vun Identitéit, Eenegkeet an Zesummengehéieren, as och vum Okkupant geklaut gin.

An engem Bréif vum 26. Mai 1948 schreiw den Paul Théobald, deemolegen Sekretär vun der „Fanfare Dalheim“, un de Ministère a rappeléiert, dat „*aucun règlement des Dommages de Guerre de notre société n'est intervenu*“.

Bei aaner Veräiner an der Noperschaft gin Instrumenter reklaméiert, déi do verléint gin sin. Ët gët no Einnahmequellen gesicht an esou schons nees déi éischt „Fête Populaire“ beim Adler ofgehaalen. De Wëll as grouss fir der Musek nees neit Liewen anzehauchen a fir no baussen och wéi eng Musek auszegesin, sin bei der Chapellerie Parisienne zu Esch nei Kaapen bestallt gin, zu 198,-frs d'Stëck. Fir eng komplett Uniform sind d'Suen nët duergaang.

„De 14. August huet Duelem erem é vun senge gro'ssen Dég. En Dâg, wo' vun der He'cht erof an den Dallkessel, an dém sech eist le'ft Hémechtsduerf eso' charmant un d'Bierger upasst, eng Festdâgsstömmong ze'ht, de' all eis Hèrzer mat Fréd a Stolz erföllt.“

De 14. August 1949 ass en Dâg, dén an der Geschicht vun eisem Duerf net me' ewechzewöschen ass, en Dâg un dén nach spe'der Generatio'nen denken.

Duelem ass seit jéher bekannt als e ganzt fortschröttlecht Duerf, dât schon vun urâlen Zeiten hir emmer beme't war, seng Entwecklong zu hégen an ze flégen. Op alle Gebitter huet Duelem sech ausgezéchent, a besonnesch hât de kulturelle Gedanken an eisem Duerf eng ste'teg Hémecht.

Duerfir ass et och net verwonnerlech, datt scho fre'h hei zo' Duelem eng Duerfmusék gegrönnd go'f, de' emmer an emmer am Duerfliewen eng gro'ss Roll gespillt huet. Onglécklech Emstänn hun et ower férdeg bruecht, dat de' Musék zo' Fall ko'm, de' gro'ss Zuel vu Musékinstrumenter durch de Krich verluer gongen a mat hinnen, dât héllegst wât e Verein huet, de Fändel.

No der Liberatio'n war eisen e'schte Gedanken, d'Musek nei ze grönnen. E sche'nen, mais e schwe'eren Gedanken, dén net eso' licht ze realise'eren wor. An dach hun d'Schwiregkéten eis net ofhale geloss. Oni Rascht a Ro'h hu mir un der Verwirklechong vun eisem Gedanke geschafft, an aus Impossibilitéten, Possibilitéten geschâfft.

Nei Instrumenter sin an d'Hänn vu jongen an âle Musékliebhaber geluecht gin. Frédeg, mat Leif a Se'l go'f gepro'ft a erem gepro'ft, engem Ziel zo' dem Ziel no, eso' bal we' me'glech erem eng Musék ze hun.

Dât Ziel hu mir haut errécht a setzen elo dem Wierk seng Kro'n op. De 14. August kritt d'Fanfare vun Duelem en neie Vereinsfändel iwerrécht.“

Dëst schreiw den Arthur Linden, Präsident vun der „Fanfare Dalheim“, als Virwuert an d'Festbroschür vun der Fahnenweihs, deem Dag nom Krich, wou esou laang drops hin geschafft gouf.



Raiffeisen

Naturellement ma banque

钓鱼台
Hostellerie des Pêcheurs
Restaurant Chinois

Ouvert tous les jours

de 11.30-15.00 hrs et de 17.30-23.00 hrs

5570 REMICH

45 route de Stadtbredimus—Tel. / Fax. 23 69 80 67

Peinture Lahyr Boris

s.à r.l.

- Travaux de peinture intérieurs et extérieurs
- Revêtements murs et sols
- Peinture biologique sur demande



2, Waldbriedemeserstrooss
L-5680 DALHEIM
Tél./Fax **37 11 14**
GSM 621 19 48 77

HairCult

Äre Coiffeur zu Fréiseng

2a, rue de Luxembourg
L-5752 Frisange
Tél: 26 67 13 58
Email: olga@haircult.lu

Lun - Mer: 9h00 - 18h00
Jeu - Ven: 9h00 - 21h00
Sam: 9h00 - 15h00
www.haircult.lu

Restaurant Chinois
Jin YangGuang



TEL: 26672167

Fermé
tous les mardis
sauf
jours fériés

Ouvertures:
11.40 h - 14.30 h
18.00 h - 22.30 h

Adresse:
1, Hossegaass
Dalheim

moes freres

4, op der Kopp L-5544 Remich
Tel. 23 66 36 21 • Fax 23 66 91 21



www.moesfreres.lu

**Mo. - Fr. 8.00 - 18.30 Uhr
Sa. 8.00 - 17.30 Uhr**

OPTIQUE Mondorf

s.à r.l.

LUNETTERIE - OPTOMETRIE
CONTACTOLOGIE
APPAREILS AUDITIFS

V. ET C. BINTNER

Opticiennes-Optimétristes Dipl.

L-5610 Mondorf-les Bains

2, avenue des Bains • Téléphone 23 66 13 10



Carrosserie TRICAR s.à r.l.

Dépannage-Débosselage-Peinture

Véhicules toutes marques

Réparation carrosserie et mécanique
toutes marques

PROMOTIONS
sur
jantes et pneus




Contactez-nous !

Tél : 26672108 (www.tricar.lu)

41, Z.A Triangle Vert

L-5691 Ellange/Mondorf



Codland am däi folte da cam

Fir déi Stonnen nom offiziellen Deel, kenne mir am „Tageblatt“ vum 16. August 1949 liesen:

„....Gottlob, daß das alles nicht zu lange dauerte, einzelne litten großen Durst und deshalb sah man gleich nach der letzten entscheidenden Phase, manche in einer Wirtschaft verschwinden, oder aber sie zogen zum nahen Bierstand 1 oder 2 der Laubhütten des Volksfestes, das man nebenbei in einer schön eingezäunten Pferche nahe beim Dorfe als Beigabe organisiert hatte.

..... Den jungen Mädchen, auch den Ehrenjungfern juckte es schon lange in den Beinen, deshalb waren sie schier erlöst, als alles zum guten Ton gehörende abgeschlossen war und der Tanzboden frei wurde.

Selbst die Hitze wurde nun weniger schwer empfunden und der einbrechende Abend sah ein lustiges Völkchen in Dalheim versammelt.

Da die Beleuchtung ausgezeichnet klappte, gab man recht wenig auf die Zeit acht, was erklärt, daß Frau Grille bis spät nach Mitternacht die Konkurrenz dulden mußte.

Oh wie schnell gehen alle Freuden vorüber, der Tag auf den man sich so lange freute, ist nun wie weggeblasen. Einzig und allein die Fahne zeugt noch von den schönen Stunden und manch einer wird nach Jahren, wenn er sie sieht, mit Herzklopfen an jenen Tag zurückdenken.

Die Dalheimer Musik hingegen ist nun komplett, denn was ist ein Verein ohne Fahne?“

Robert Vandivinit

(Fortsetzung am nächste Buet)

Locatioun vun eisem **Festzelt**

Gäerenverlount d'Fanfare Gemeng Duelem
sain Zelt und Veraänner, organisatiounen
oder privaat Pesounen

Dimensiounen vum Zelt:

6 x 15 m

(Sätzplaaz fir iwer 100 Persounen)

Präis: 400 €
(pro Weekend)

Eng Equipe vun der Musek Bréngt d'Zelt
op d'Plaaz an bekëmmert sech och
ëm d'Opriiten an d'Ofrappen.

Informatiounen iwwert:

Tel. 621 797 991

rvandi@pt.lu



**NOUVEAU
À REMICH**

**OUVERT 7J/7
DE 11H30 À 22H00**

10, ROUTE DE L'EUROPE | REMICH | TÉL. 26 66 45 56



Menuiserie générale
Portes intérieures et extérieures
Fenêtres et portes fenêtres en BOIS, ALU et PVC
Marquises, stores et volets
Cuisines équipées

Pompes Funèbres
Incinérations

www.mgm.lu

Z.I. Z.A.R.E. L-4384 EHLERANGE TÉL.: 26 55 55-1 FAX: 26 55 02 55

Electro-ménager
Cuisines
Equipements PRO

Electricité générale
Cuisines tous styles
Electro-Ménager
Equipements Pro

n. folschette s.a.r.l.

NEFF SIEMENS Amana BOSCH Miele

16, route de Luxembourg L-1899 KOCKELSCHEUER
Tél. 36 98 04-1 - Fax 36 01 06

Naturwelten

Bio & Fair

Matratzen, Bettdecken, Massivholzbetter an BioBettwäsch

Baby- an Kannerkleeder, Jogging
an Yoggazeai
Dammen- an Härenënnnerwäsch
aus Biokotteng

7, rue Auguste Charles
L-1326 Bouneweg
Tél. : 291222 www.naturwelten.lu



Entreprise de Construction et de Façades

Travaux de transformation
et aménagements extérieurs



CORTOLEZZIS A.



CORTOLEZZIS A.

23, rue Pierre d'Aspelt
L-5710 ASPELT
Tél. 23 66 09 43
GSM 621 14 99 46
info@cortolezzis.lu

Foto-Retro 2016...


Concert op der
Place d'Armes



Concert am
Réimertheather
zu Duelem



Concert 90 Joër Cercle des
Mandolinistes Beetebuerg



Meekranz an de gudde
Maufel fir 1. Meefeier



Al Capo Yano Coda

E grousse Merci un d'Annonceuren
an dëser Zeidong. Ouni hir finanziell
Ënnerstëtzung wär ét nüt méiglech
dëse Périodique erauszebréngen.

Liest a mierkt lech d'Annonceuren
an dëser Zeidong a maacht och sie
zou Ärem Partner.

D'Memberen vun der Musek
wenschen schein Kreschtdeg an
e gudde Rutsch an d'neit Joer.

Fanfare de la Commune de Dalheim a.s.b.l.
1901 gegrënnt

Adress:
15, Munneréferstrooss
L-5741 Filsdorf

Redaktioune:
Robert Vandivinit

Dëst war d'Nummer 38
Oplo: 1100

piano
dal capo
ritenuto
forte
crescendo